N°5298
Reçue le 05.01.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister Pierre Gramegna op d'parlamentaresch Fro n°5298 vum 25. November 2021 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement iwwer digitale Steierkaarte**

Wéi den honorabelen Deputéierte richteg schreift, stellt d'Steierverwaltung den Employeuren d'Steierkaarte vun hire Salariéen zënter dem 1. Mee 2021 an digitaler Versioun op der Plattform MyGuichet.lu zur Verfügung.

Op MyGuichet.lu kënnen d'Employeuren, an hirem Espace professionnel, esou sämtlech Steierkaarte vun hire Salariéen consultéieren. Dëst gëllt, net nëmmen fir d'Steierkaarte déi ab dem 1. Mee 2021 ausgestallt goufen, mee souguer fir Steierkaarten vum 1. Januar 2021 un.

Mat engem Recherche-Filter kënnen d'Employeur nach besser agrenzen, wéi eng Steierkaarten se wëlle gesinn an d'Kaarten déi esou bei enger Recherche zeréck behalen gi, ginn als PDF-Fichier an als XML-Fichier ugewise fir kënne consultéiert oder erofgelueden ze ginn.

Wann den Employeur d'Steierkaarten an engem eenzegen Zip-Fichier an enger Keier zesumme well eroflueden, da gëtt et effektiv eng Limite. Dës Limite, déi sech op 100 Steierkaarten beleeft, gouf festgeluecht fir eventuell technesch Problemer déi beim Compiléiere vun ZIP-Fichieren kënne virkommen, ze evitéieren.

Wann den Employeur awer mei wéi 100 Steierkaarten zesummen well eroflueden, da kann dësen ZIP-Fichier net direkt erstallt a erofgeluden ginn. Den Employeur gëtt an dësem Fall per E-mail informéiert esoubal den Zip-Fichier fäerdeg compiléiert ass fir ee kënnen erofzelueden. Et ass wichteg ze bemierken dass dës Demarche direkt op der Säit mam Resultat vun der Recherche ka gestart gin, a ganz einfach an onkompliziéiert ass. D'Steierverwaltung krut bis elo keng nennenswäert Problemer par Rapport zu däser Démarche matgedeelt.

Et ass och fir d'Employeur'en wichteg ze wëssen, dass ab dem 1. Januar 2022 d'Consultatioun vun de Steierkaarten just nach obligatoresch ass, an dass d'Steierverwaltung déi Employeur'en, déi nach keen Token gefrot hunn fir Asiicht an d'Steierkaarten ze hunn, iwwert eng Lettre de rappel opgefuerdert huet sech een Token unzefroen.

Lëtzebuerg, den 05/01/2022

De Finanzminister

(s.) Pierre Gramegna